Eis Organisten an der Philharmonie

Zesumme mat de Responsable vun der Philharmonie huet de Piusverband eng ganz nei Actioun ënnert dem Motto « Eis Organisten an der Philharmonie » op d'Schinne gesat. Endlech hu mir elo en Datum vun der Directioun kritt, an zwar samschdes, de 16. Februar 2008, nomëttes um 3 Auer, am groussen Auditorium vun der Philharmonie. Bis elo hu sech 7 Organisten gemellt ; wann nach weider Organisten interesséiert sinn, solle se fir weider Detailer w.e.g. bis de 15. Abrëll 2007 Kontakt mat eisem Generalsekretariat huelen.

Editioun Musica Sacra vum Piusverband

Op Cäciliendag 2006, mëttwochs, den 22. November 2006, huet de Piusverband am Escher Conservatoire de Komponiste-Concours ofgeschloss, deen en um Niveau vun der Europäescher Unioun organiséiert hat. Op der Generalversammlung vum Piusverband huet all Chorale a flotter Buchform een Exemplaire vun deene 6 Partiture vun de Gewënner kritt. D'Buch ass vum Patrick COLOMBO, dem Responsable vun eisem Dokumentatiounszentrum, zesumme gesat ginn an an den Editions Musica Sacra vum Piusverband eraus komm.
Déi Choralen, déi net op der Generalversammlung waren, kënnen een Exemplaire am Bureau vum Piusverband ofhuelen. Et gi keng Bicher verschéckt, si mussen am Piusverband géint eng Ënnerschrëft ofgeholl ginn.

UNION SAINT PIE X
64, rue Charles Martel L-2134 Luxembourg
Tél.: 26 20 18 99 Fax: 26 20 18 98

www.piusverband.lu
Secrétariat: saintpie@pt.lu
Centre de documentation: unionpie@pt.lu
Layout: Fernand Kridel

Piusblietchen
Informatiounsblat vum Piusverband
Nummer 3 / Abrël 2007

Just e Wuert

An deenen zwou Woche virun Ouschteren huet de Piusverband zu Péiteng, zu Déifferdeng, zu Dikkrech an zu Clierf d'Passioun nom Matthäus mat engem Text vum Emil ANGEL opféiere gelooss.
No deem ganz groussen Erfolleg vun eisem Beitrag zum Kulturjoer 2007 halen ech drop, aus ganzem Häerz all deenen e waarme Merci ze soen, déi un deem grousse Projet matgeschafft hunn : den Auteur Emil ANGEL fir den Text, de Kënschtler Gast. HEUSCHLING fir de Logo, de Membere vum Organisatiounscomité Gilbert WELTER, Emil ANGEL, Alphonse BOCK, Fernand KRIDEL a Georges KUFFER, dem Organist Patrick COLOMBO, de Leit an den Institutiounen, déi äis de Patronage ginn haten, deenen Honnerten, déi en Don gemaach hunn, dem Chouer mat bal 100 Sängerinnen a Sänger, dem « Petit Chœur », de Solisten, deenen 19 Lektoren, de Choralen, déi äis op der Plaz gehollef hunn, der Dréckerei vun der Brochure an deene villen, déi äis eng Hand gereecht hunn.
E ganz spezielle Merci geet un de Georges KUFFER, deen déi ganz Responsabilitéit vum musikaleschen Deel a vun der ganzer Opféierung hat.
Mir vergiessen deen immensen Asaz vun deene villen net. Duerch hir Begeeschterung, hiert Engagement an hiert Kënnen geet dës Initiativ an d'Geschicht vum Piusverband als dee gréisste Projet an, deen en zënter 1969 op d'Schinne gesat huet..

Roby ZENNER
President vum Piusverband

„Passioun 2007“: Comité d'Organisation

President a Sekretär:	Roby ZENNER
Caissier:	Gilbert WELTER
Memberen:	Emil ANGEL
	Alphonse BOCK
	Fernand KRIDEL
	Georges KUFFER

Brochure

Virun an no all Opféierung vun der Passioun ass eng Brochure am DIN A4-Format mam integralen Text vun der Matthäus-Passioun vum Emil ANGEL ugebuede ginn. Präis : 5 Euro. Si kann och duerch Iwwerweisung vun 8 Euro op de Kont LU55 1111 2433 3458 0000 vum Piusverband mat dem Vermierk « Brochure Passioun » bestallt ginn a gëtt dann heem geschéckt. D'Brochurë gi verschéckt, sou laang der do sinn.

Zu Fragen über Versicherungen kann man sich wenden an den Hauptkassierer Georges Kuffer am Sitz des Piusverbandes oder privat unter Tel. 58 89 73 oder GSM +352 621 13 24 18 oder E-mail **kufferge@pt.lu**

SOUSCRIPTION POUR UN DOUBLE CD DU CONCERT « PASSIOUN 07 »

Par la présente, le (la) soussigné(e) commande ….. exemplaire(s) d'un double CD qui a été produit à la suite des concerts sur la Passion de Jésus-Christ selon Saint Matthieu pendant le carême 2007. Le coffret de 2 CDs sera vendu au prix de 18 € auquel s'ajouteront 2 € de frais d'envoi. Un virement de la somme due sur le **compte CCPLLULL IBAN LU55 1111 2433 3458 0000** de l'Union Saint Pie X et l'envoi de la présente souche de souscription feront commande, si elle est remise avant la date de clôture.

Nom……Prénom……..N°….rue……Code postal…….....

Lieu……Tél…….. E-mail……

Somme virée : ….. € Signature……..

Cette offre exclusive est réservée aux souscripteurs qui renvoient cette fiche ***avant le 16 avril 2007*** à l'adresse de **l'Union Saint Pie X ,** 64, rue Charles Martel, **L-2134 LUXEMBOURG.** Le double CD, qui ne sera pas vendu dans le commerce, vous parviendra dans les meilleurs délais.

Oktavmass vum Piusverband a Schlussprëssioun

Eis Oktavmass ass dëst Joër samschdes, de 5. Mee, owes um halwer 7, an der Kathedral. D'Pastoralregioun Süden ass dermat chargéiert ginn, fir e Chouer zesummen ze setzen, deen de Georges KUFFER dirigéiert. Weider Informatiounen kritt Dir an der Circulaire an dëser Enveloppe. – Fir d'Schlussprëssioun gi mer äis wéi all Joer Rendez-vous um Schlussoktav-Sonndeg, den 13. Mee, nomëttes vun 3 Auer un, an der Rue de l'Ancien Athénée, bei eisem Fändel.

De Piusverband an der Sprangprëssioun

Och dëst Joër erëm bedeelege mir äis als Piusverband un der Sprangprëssioun zu Iechternach. Mir gesinn äis bei eisem Fändel Päischtdënschdeg, den 29. Mee, spéitestens um 9 Auer, am Haff vun der Abtei zu Iechternach.

Är Manifestatiounen

Soubal Är Chorale den Datum fir eng extra Manifestatioun – Séance académique, Programm fir en Anniversaire, Concert spirituel, Concert, Theateropféierung, Fest – festgeluegt huet, wiere mir am Piusverband ganz frou, wann Dir äis direkt den Datum an d'Plaz vun alle Manifestatioune kënnt iwwer Telefon, Fax oder Mail matdeelen, an dat aus zwéi Grënn : wann et erwënscht ass, vertrëtt een Delegéierten de Piusverband, an de Piusverband versicht mat derzou bäizedroen, datt am Ëmkreess keng aner Manifestatiounen op deen Dag geluegt ginn.

Uergelcoursen

Mëtt Abrëll fänken erëm ënnert der Leedung vum Patrick COLOMBO gratis Uergelcourse fir liturgesch Organisten un. D'Datume sinn déi hei : 16. an 30. Abrëll, 21. Mee, 5. an 19. Juni an 2. Juli, all Kéier owes um halwer 7. All Cours dauert 2 Stonnen. Wann Dir interesséiert sidd, dann huelt direkt fir weider Detailer Kontakt mat eisem Generalsekretariat op.

Eis Bréifkëscht

Aus deene bekannte Grënn gëtt eist Generalsekretariat méi wéi jee no Dirigenten, Organisten a Pianisten gefrot, déi fir gutt agestallt kënne ginn oder iwwert eng kuerz Zäitspan aushëllefe sollen. De Piusverband féiert duerfir ënnert der Bezeechnung « Eis Bréifkëscht » eng Lëscht, wou déi Choralen, déi no engem Dirigent, engem Organist oder engem Pianist op der Sich sinn, ee kënne fannen. Op där anerer Säit kënnen d'Choralë sech awer och uginn, wann se esou e Mataarbechter brauchen. De Piusverband verdeelt just d'Lëscht a mëscht sech net an d'Verhandlungen an. De Moment hu mir leider keen Dirigent op der Lëscht, duerfir awer Organisten, déi aushëllefe kënnen a wëllen.

Centre de Documentation

Waart Dir schonns eng Kéier an eisem « Centre de Documentation » ? Wann net, da kommt gären eng Kéier eran a loosst Iech déi Partiture weisen, déi Iech interesséieren, am beschten op Rendez-vous. An och wa mir se net do leien hunn, kënne mir kucken, se fir Iech ze kréien. Dëse Service ass natierlech mat Ausnahm vum Photocopie-Service absolutt gratis.